



**STEEN**

*Leet den éischten Steen fir  
Är Energieonofhängegkeet!*



**SCHÉIER**

*Schneit lech of vum  
globalen Energiemaart!*



**PABEIER**

*Ënnerschreiw  
fir d'Energy Revolt!*

# ENERGY REVOLT - STROUM VUN DE BIERGER FIR D'BIERGER

## DEN NEIEN ONOFHÄNGEGE STROUMLIWWERANT AUS DER REGION

**De Paul Kauten, Direkter vun Energiepark Réiden & Energy Revolt s.c. zu Biekerech ass mat bestännegem Optimismus a Motivatioun säit iwwer 25 Joer professionell am Beräich vun den erneierbaren Energien aktiv a kann op eng staark Ekipp zielen: „Mir gleewen, datt eng nohalteg Energieversuergung an den Hänn vun de Bierger soll sinn an net an deene vu grouse Firmen! Déi lescht Joren hunn d'Gefore gewisen, déi duerch eng ze grouss Konzentratioun vum Kapital op internationalen a virtuelle Finanzmäert entstane sinn.“**



### **Wien ass Energy Revolt?**

Mir sinn eng Biergerkooperativ mat Kooperateuren aus dem ganze Land, déi d'Energietransitioun wëlle virundreiwen. Mir hunn eise Sëtz zu Biekerech.

### **Ëmmer ee Schratt viraus!**

Eis Ekipp steet fir Innovatioun am Kontext vun enger konsequenter Energietransitioun. Bei eis zéien déi al an déi jonk Huesen un engem Strang! De Mix aus Erfahrung, Cou-

rage & Optimismus dreiw eis un. Ech si stolz op eis jonk, héich motivéiert an dynamisch Equipe vu 16 Leit. 9 kommen der direkt aus der Region an déi aner aus der belscher a franséischer Grenzregion.

### **Wat mecht Energy Revolt?**

Mir finanzéieren a bedriewen erneierbar Produktiounsanlagen ewéi Solar, Wanda Biomass. Vum Juni vum leschte Joer un si mer och Stroumliwwerant a liwwere Strom fir Clienten am Lëtzebuerger Stromnetz.

### **Wat mecht Energy Revolt anescht?**

- Mir wëllen d'Energietransitioun richtig weiderbréngen, op Basis vun enger héijer dezentraler an erneierbarer Produktioun.
- Mir wëllen e Maximum vum Strom vun eise Produzenten an Echtzäit un eis Clienten liwweren.
- Mir wëllen innovativ a méiglechst maartpräisonofhängeg Stroumtariffer ubidden.
- Mir wëllen d'Onofhängegkeet (energetisch, finanziell a sozial)

mat Hëllef vun erneierbaren Energien erhéijen.

- Mir wëllen eise Clienten gutt an transparent Servicer bidden.

### **E ganz gudder Start fir Energy Revolt!**

Jo, no engem Joer ginn d'Zuelen eis Recht, d'Nofro vun neie Clienten hält un: am Moment hu mer iwwer 260 Lëtzebuerger Produzenten ënner Kontrakt, déi zesummen eng Solarleeschtung vun 6,6 MW hunn. Zanter dem Ufank konnte mer 54% vum Verbrauch vun eise Clienten an Echtzäit aus eisen Anlage beliwweren an hu vun Ufank un bei eise Produzenten erneierbare Stroum ofkaaft mat engem Volume deen 124% vum Verbrauch vun eise Clienten duerstellt.

### **Wou ass Energy Revolt nach innovativ?**

Mir schaffe mam LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology) a mat der Uni.lu u Modeller fir den erneierbare Stroum nach besser kënne lokal ze notzen. Mam LIST maache mer mat der Gemeng Biekerich e Pilotprojet fir mat Hëllef vu Containerbatterien déi lokal Notzung kënnen ze verbesseren. Dat nächst Joer integréiere mer d'Produktioun vun der neier Wandanlag vu Biekerich an e Konzept vu lokaler Valoriséierung. Dat fuerdert nei informatisch, finanziell a legal Modeller. Iwwer d'Netzwerk REScoop.eu schaffe mer zesumme mat aneren europäesche Kooperative u Léisungen am Kontext vu solarem Eegeverbrauch duerch Integratioun vu Wärmepumpelen an Elektromobilitéit.

### **Kann ech als Produzent der Energy Revolt mäi produzierte Stroum verkafen, an och Stroum akafen, deen ech selwer brauchen?**

Richteg, haut siche vill Leit mat enger Solaranlag e Fournisseur fir hinnen de Stroum ofzekafen. Dëst gëllt souwuel fir nei Anlagen wéi och fir méi aler, déi aus dem garantierten Aspeisetarif erausgefall sinn. Hei bidde mer een neien interessanten Tarifmodell un. Mee ge-

nau esou wichteg ass et, dass mer méiglechst vill Clienten hunn fir eis déi Produktioun fir hire Verbrauch doheem oder am Betrieb ofzekafen. Mir hunn aktuell souwuel Haushalter ewéi och Betriber als Client.

### **Den Anlagepark konsequent ausbauen?**

Dat ass eist Zil. Mir bauen den Anlagepark, dee mer ënner Kontrakt hunn, permanent aus. Dat nächst Joer kënn eng Wandanlag vu 4,2 MW derbäi, respektiv an noer Zukunft AgriPV mat enger Kapazität vun ca 14 MW.

### **Wat muss ech maache fir Client ze ginn?**

Einfach op eise Site goen, do kënn Dir an e puer Schrëtter de Kontrakt ausfëllen an ënnerschreiwen. Fir all Froe steet d'Ekipp fir lech zur Verfügung fir lech séier an onkomplizéiert ze hëllef.

## **Background**

### **Energy Revolt, eng engagéiert Kooperativ**

2015 gouf d'Energy Revolt s.c. op Initiativ vun Energiepark Réiden s.a. gegrënnt.

Energy Revolt ass eng Biergerkooperativ, an där jiddereen investéiere kann, fir Projeten zur Energietransitioun ze finanzéieren (z.B. Wandparken, Photovoltaikanlagen, Heizungsanlagen). Mëttlerweil ass Energy Revolt och en Elektrizitéitsliwwerant, deen drop setzt, déi national Produktiounsinstallatiounen fir Stroum aus erneierbaren Energien maximal ze valoriséieren.

Mir si Partner vum internationalen, net gewënnorientéierten Ecolabel fir erneierbare Energien: Ekoenergy. Dëse Label garantéiert, datt d'Energie net nëmme erneierbar, mee och weideren Nohaltegkeetskriterien entsprécht. E finanziert Projeten, déi der Energiearmut entgéintwierken. Natierlech keeft Energy Revolt och Energie an, déi aus erneierbaren Energiequelle stamt.

## **Zuelen**

### **Kompetitive Tarif**

**0,15 €/kWh**

fir Haushaltsclienten

**0,156 €/kWh**

fir Geschäftsclienten\*

\* Höchstpreis, nur für Lieferpunkte im Niederspannungsnetz

**264**

Partner Produzenten

**6648**

Kilowatt (kW) Photovoltaik


= Duerchschnëttleche Joresverbrauch vun + 1710 Wunnengen

**1200**

Kilowatt (kW) Wandkraft

= Duerchschnëttleche Joresverbrauch vun + 324 Wunnengen

**Souscription fir de Stroum:**  
[energyrevolt.lu/subscription](http://energyrevolt.lu/subscription)



[www.energyrevolt.lu](http://www.energyrevolt.lu)  
[www.e-community.lu](http://www.e-community.lu)



## Wat heescht et an d'Kooperativ Energy Revolt z'investéieren?

- Sécherstellen, datt säi Geld benotzt gëtt, fir erneierbar Energien ze fërderen.
- Baidroen zu enger lokaler Produktioun vu propperer Energie.
- Baidroen zur Demokratiséierung vun de Produktiounsstrukturen a Richtung energetescher Onofhängegkeet goen.
- Baidroen zur Schafung vun engem wirtschaftlechen, sozialen a finanzielle Méiwäert.
- Géint de Klimawandel kämpfen.
- E nächsten Schrott an der ekologescher Transitioun maachen.

## Deele vum eegene Stroum

Energy Revolt ass ee vun de Grënnungsmembere vun der Plattform E-community. Dës Plattform ass dofir geduecht, den Austausch vun Elektrizitéit tëscht Produzenten a Konsumenten ze geréieren an ass net op de Profit vun Aktionären aus, mee op d'Gemeinwohl mat enger dezentraliséierter an nachhaltiger Energieversuergung, déi an den Hänn vun de Bierger läit.

An der Welt vu muer wäert d'Produktioun ëmmer manner ofhängeg vu groussen zentrale Produktiounsstrukturen an deenen hiren Infrastruktur sinn, mee éischer vu ville kleng, dezentraliséierten Anlagen, déi vu ville kleng privaten Investisseuren gehale ginn a bei de Konsumenten no sinn.

Mat der Plattform gëtt d'Energieversuergung 'demokratiséiert'. D'Grënnner hoffen domat, en entscheidende Bäitrag zur Energietransitioun zu Lëtzebuerg ze leeschten.

## Team



**PAUL KAUTEN**  
Geschäftsführer  
Management



**THIERRY HANOTIN**  
Jurist, Energiemärkte,  
Trading



**OLIVIER MARTIN**  
Projekt Manager, Klimapakt  
E-Communities, PV,  
Kooperativen



**LIVIU ADRIAN POPESCU**  
Simulationen, Trading,  
IT, Energiemanagement



**BEN SCHEITLER**  
Projekt Manager, Energie-  
konzepte, Forschungsprojekte,  
Energieplanung, E-Communities



**RAPHAEL ZUSSY**  
Domizillierungen,  
MACO, Ladestationen,  
IT hardware



**PIT ALFF**  
Energiekonzepte,  
Energieplanung,  
Wärmepumpen



**NICOLAS MARUCCI**  
IT, Machine learning,  
Forecast Datenbanken,  
Verschlüsselung



**LAURENT HENNICCO**  
Facility Management,  
PV Projekte,  
Technisches Syndikat



**FLORENT HUBERT**  
IT, Backoffice,  
GUI, MACO



**SEBASTIAN HEINEN**  
PV Projekte, Klimapakt,  
Energieplanung,  
Wärmepumpen



**SILVANA ROULLING-LOSITO**  
Administration,  
Buchhaltung,  
Kundendienst



**LUCA MORIS**  
PV Projekte, Windenergie,  
Wärmepumpen



**SABRINA DOS SANTOS**  
Administration,  
Buchhaltung,  
Kundendienst



**JULIEN BRAUN**  
Verwaltung s.c.,  
Syndikate



**ELENA CONRARDY**  
Administration,  
Kundendienst

## Zuelen

# 57%

**Ofdeckung vum Verbrauch duerch d'Produktioun**

**Am Juli goufen 57% vum Verbrauch vun eise Clienten an Echtzäit vun den Installatioune vun eise Produzente geliwert.**

# 54%

**Ofdeckung vum durchschnittleche Verbrauch duerch d'Produktioun**

**Zënter dem Start gouf 54% vum Verbrauch vun eise Clienten an Echtzäit vun den Installatioune vun eise Produzente geliwert.**

# 124%

**Gesamt Bilan**

**Zënter eisem Start, entsprécht d'Produktioun vun eise Produzente 123% vum Konsum vun eise Cliente representéiert.**

**Souscriptioun fir de Stroum:**  
[energyrevolt.lu/subscription](https://energyrevolt.lu/subscription)



[www.energyrevolt.lu](https://www.energyrevolt.lu)  
[www.e-community.lu](https://www.e-community.lu)



**ENERGY  
REVOLT**  
SOCIÉTÉ COOPÉRATIVE

*Energie a Biergerhänn!*

**ENERGY REVOLT**  
info@energyrevolt.lu  
T 28 80 55 80  
[www.energyrevolt.lu](https://www.energyrevolt.lu)